

PARLAMENTSWALEN 2023: Wéi gendersensibel ass Är Partei?

De CID ass Zentrum an Treffpunkt fir Gender a Feminismus zu Lëtzebuerg. Mir engagéieren eis fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter, fir eng feministesch Gesellschaft a fir d'Verbreeden an den Ausbau vun Genderwëssen. De CID geréiert eng öffentlech Bibliothéik a realiséiert kulturell, sozio-politesch a pedagogesch Projeten.

Am Virfeld vun de Parlamentswale 2023 wëlle mir de Bierger*innen Orientéierung bidden a siichtbar maachen, wéi eng Parteien sech geziilt fir Geschlechtergläichstellung a Feminismus asetzen a wéi.

Merci am Viraus fir Är Méi.

Froen

Bildung

1. Wéi wëllt Dir diskriminéierend Inhalter (sexistesch, rassistesch, klassistes) am Schoulmaterial an an de Programmer ofschafen?

Iwwer eng Instanz déi änlech wéi en Observatoire funktionéiert an déi Inhalter ënnert d'Lupp hält, hire kriteschen Avis ofgëtt, d'Léierpersonal sensibiliséiert an ausbild fir Genderstereotypen ze erkennen, ze deconstruieren an am Unterrecht ze ëmgoen. Des sougenannten Instanz sollt sech mat Leit vun der Uni, de responsabele Ministèren an dem Ifen zesummesetzen. Am Resumé kéint des Instanz, 3 Missiounen erfëllen: 1. Schoulmaterial a Programmer op Genderstereotypen iwwerpräiwen, 2. Formationen fir d'Léierpersonal inhaltlech ausschaffen 3. Gendergerecht Contenu'en fir den Enseignement ausschaffen (neit Material).

2. Wéi wëllt Är Partei d'Representatioun vu Fraen an de Schoulprogrammer erhéijen (weiblech a queer Auteuren an der Literatur, Kënschtlerinnen, Wëssenschaftlerinnen, Musekerinnen,...)?

Am Kontext vun de Missiounen vun dem Observatoire (dee kéint een *Observatoire de l'égalité des genres* oder *Observatoire pour la lutte contre les stéréotypes de genre* nennen) solle Leit u Programmer matschaffen déi sech mam Sujet auskennen a Material fir den Enseignement ausschaffe kënnen dat de Krittere vun der egalitärer Representativitéit vun de Geschlechter, de Genderen an de Sexualitéite gerecht gëtt, mat de néidegen Opklärungsmethoden.

3. Wëllt Dir genderspezifesch Aspekter an d'Ausbildung vum Léierpersonal integréieren?

Absolutt! Ouni dat kënnt et an der Schoul weiderhin zu der Reproduktioun vu Gendernormen an de Stereotypen déi domat verbonne sinn. Och wann d'Enseignanten dat net express maachen, si verbreeden des Normen a Stereotypen oft méi schnell wéi se et mierken. Dat ass net verwonnerlech, des Normen beaflossen eis all immens staark. Mir verkierperen an äusseren

se oft ouni dat mer et mierken. Ab dem 3. Liewensjoer fänken d’Kanner un des Norme wouer ze huelen an se wierken och do méi intensiv op si an. Dat geschitt zäitgläich mat hirer Sclarisierung. Dofir ass et wichteg dat d’Léierpersonal eng Opklärungsroll iwwerhëlt an domat dozou bäidréit den Afloss vu Genderstereotypen op d’Kanner ze reduzéieren (leider ass den Afloss vun de Genderklischeen déi an de Medien an an de Reklamme vermëttelt ginn, mee och d’Gendere vun de Spillsaachen nach ëmmer immens grouss op d’Kanner.)

4. Wëllt Dir d’Erkennung an d’Präventioun vu Gewalt an d’Formatioun vun der Police, der Justiz an dem Gesondheitspersonal als feste Bestanddeel integréieren, respektiv ausbauen?

Jo dat ass an Eisen Aen eng Necessitéit. Mee fir dass déi Formatiounen eescht geholl ginn, missten se obligatoresch sinn. An fir dat se och qualitativ sinn, müssen dofir Formateur.Inn.en ausgebild ginn no de selwechte Krittären an Exigenzen. Dat misst den Optrag vun enger staatlecher Instanz sinn (sou wéi den IFEN fir d’National Bildung an den INAP fir d’Gemengepersonal) déi et awer nach net gëtt. Déi Instanz muss opgebaut ginn. Dës Formatiounen müssen a sämtlechen Institutiounen vum Staats- a Regierungsapparat ofgehal ginn (Gemengen, Ministère, politesch Mandatär.Inne.en, National Bildung, Uni, Justiz, Police, Arméi, Gesondheitssecteur, Kannerbetreungsstrukturen, Sportsinstitutiounen etc...).

5. Wéi wëllt Dir eng geschlechtersensibel Perspektiv an déi non-formell Bildung integréieren?

Cf. Virlescht Fro.

Aarbecht

6. Wéi wëll Är Partei de berengte Gender-Pay-Gap ofschafen?

Andeems:

- D’Entreprisë müssen obligatoresch virweisen dass si d’Egalité salariale respektéieren déi am Code du Travail festgeschriwwen ass (cf. Island huet ee System deen Entrepreneuren ab 25 Mataarbechter dozou verflucht d’ Paie vun de Männer a Fraen am Betrib transparent mat de néidegen Dokumenter virzeweisen).
- D’Beweislaascht fir d’Egalité salariale bei de Betriber muss leien an net méi bei der/beim Employé.E
- eng Inegalitéit an engem Betrib vun der /vum Employé.E. festgestellt gëtt an da bei der ITM gemellt ka ginn, déi de Betrib zur Rechenschaft zitt a sanktionéiert.
- Etudé vum Statec bestallt ginn déi mol kucke wou d’Fraen an d’Männer schaffen, dat heescht a wéi enge Secteuren se majoritär aktiv sinn an dann déi néideg Mesurë geholl gi fir dës Secteuren méi gender-egalitär/neutral ze besetzen (cf. Caresecteur wou déi meescht Frae schaffen dozou gehéiert och den Educationsecteur am Verglach mam Finanzsecteur, der Informatik oder der Politik wou méi oft Männer schaffen)
- D’Konditiounen gi gi fir dat Fraen net méi gezwongenermussen Hallefzäit musse schaffen fir sech ëm d’Famill etc. ze këmmen (déi meeschte Frae ginn un aus deem Grond am Temps

partiel ze schaffen). Ënnert dës Konditounen fällt notament d'Aarbechtszäitverkierzung als Mesure fir eng méi gerecht Opdeelung vun der Careearbecht tëschent Fraen a Männer.

- de Glasplaffong dee Frae vun héije Responsabilitéitsposten ewech dréckt gesprengt gëtt, mat engem obligatoresche Quotesystem zum Beispill (wéi et schonn de Fall ass bei de Wallëschten)

7. Ëm wéi vill Stonne wëll Är Partei d'Aarbechtszäit verkierzen?

Déi Lénk wëllen eng 32 Stonnewoch, dat heescht idealerweis een Dag manner an der Woch schaffen, oder all Dag e puer Stonne manner schaffen, sou wéi et d'Ugestallten am Beschten arrangéiert och par Rapport zu hirer Arbechtsbelaaschtung a Responsabilitéiten.

8. Wéi wëll Är Partei déi grouss Ongläichheet tëscht de Geschlechter bei de Renten ausgläichen?

Andeems:

- D'Loungerechtgeekheet tescht Männer a Fraen hiergestallt gett. De Niveau vun de Léin definéiert de Niveau vun de Renten. Och de Mindestloun muss erhéicht ginn, dat huet en Impakt op de Renterevenu vu ville Fraen, vue dat si majoritär an den ennerbezuelte Secteuren schaffen.

- Een anere Faktor fir d'Renteberechnung ass d'Liewensarbeitszeit. Vill Fraen ennerbriechen hier Arbecht oder schaffen Hallefzäit fir Famill an Arbecht ënnert een Hutt ze kréien, Eng allgemeng Erofsetzung vun der Arbechtszäit fir jiddereen op 32 Stonnen an eng zousätzlech fir Elteren op 28 Stonnen während enger gewesser Zäit z. Bsp. bis d'Kanner an d'Schoul ginn muss dringend ageféiert ginn. Déi Arbestzäitreduzéierung ass obligatoresch fir jiddereen, sou dass net nemmen d'Fraen se huelen, mee d'Männer se och müssen huelen fir dass se keen Grond méi hunn sech virun Familljepflichten ze drecken.

- Bei engem Opginn vun der Arbecht muss eng freiwelleg Pensiounsversecherung gemach ginn fir dass d'Karriär an deem Fall keng Ennerbriechung kritt, desst soll déi schon existéierend Mesuren wéi d'Babyjoren an de congé parental ergänzen. Fir d'Ofsécherung vun engem anstännege Revenu an dem Abzuelen an d'Pensiounskees trotz Pausen an der beruflecher Carrière wa Kanner op d'Welt komme – kann een nei Congéen aféieren, wéi de Congé de naissance zum Beispill, an och ee Congé parental deen nach méi op Fräiberuffler a Leit mat verschiddene befristete Kontrakter (Freelance, Salariai.ë.en a verschiddenen Asbl'en, Organisatiounen, Betriber) ugepasst ass. De Congé parental muss net onbedéngt méi laang sinn, mee dofir awer finanziell interessant bleiwen an d'Garantie op ee Retour op den Arbechtmaart mat sech droen, oder e ka fir Leit am Chômage zougänglech gemaach ginn am Zesummespill mat enger uschléissender Formatiounsperiod fir d'Chancen op eng Arbecht ze stäerken. Et soll och

- Zum Thema Rentespaltung am Fall vu Scheedung. Dest ass nach ëmmer e Problème bei villen eeleren Koppelen, wëll de Législateur hei nach kéng Léisung fond huet. An der aktueller Situatioun zéien d'Fraen, déi ëffters iwwert eng gewëssen Zäit net berufstäteg wuaren, de kierzere! Doderniewt muss een iwwer een obligatoresche Spaltung vun de Renterechter nodenken, d.h. net nemmen am Fall vu Scheedung, mee och wann een net gescheed ass. D'Renterechter ginn also equitabel opgedeelt a jiddereen an der Koppel kritt de selwechte Revenu fir d'Berechnung vun senger Rent ugerechent. Wann een zesammen an de

Rentalter kënn huet jiddereen déiselwecht Rent, gett ee gescheed sinn d'Rechter während dem Bestiednis opgedeelt.

9. Wëll Är Partei e bedéngungsloost Grondakommes aféieren?

Nee. Et ass net erstaunlech, dat dës Moosnam ëmmer méi an der Debatt steet an och besonnesch vu jonke Leit gefuerdert gëtt. Wann ee gesäit dat d'Paieren net eropginn, dat ee mam Mindestloun zu Lëtzebuerg net anstänneg ka liewen, een trotz senger Aarbecht aarm bleift, sech keng interessant Plazen um Aarbechtsmaart ubidde fir Leit déi manner diploméiert sinn, respektiv ee knappe Schoulofschloss hunn, wat net heescht dat se keng Talenter oder Interessien hätten déi gesellschaftlech kéinten een Notze bréngen, a wann ee kuckt wéi ustrengend den Alldag ass mat engem 40 Stonne Job, schlechtem ëffentlechen Transport, Staus, déi maachen dat een ëmmer méi lues vun A op B kënn. De Wee vun doheem bis op d'Aarbecht, vun der Aarbecht an d'Maison Relais oder Crèche, vun der Aarbecht op aner Fräizäitaktivitéiten a rëm bis heem gëtt ëmmer méi laang a komplizéiert. Domat huet och ze dinn, dat ëmmer méi Leit et sech net kënnen leeschten do ze schaffen wou se wunnen. An alle Secteure verschlechteren sech d'Aarbechtskonditiounen. Alles dat bewierkt dat och kee méi Loscht huet an engem Salariaatsverhältnis schaffen ze goen oder just nach schaffen ze goe fir de Loyer kënnen ze bezuelen an de Prêt ze rembourséieren. Dat ass verständlech, mee ee bedéngungsloost Grondakommes ass hei awer déi falsch Léisung, well trotzdeem vill sozial Rechter vun der Aarbecht ofhänken an och am Kontext vun der Aarbechterbewegung erkämpft gi sinn zäitgläich mat der Verbesserung vun de Léien an Aarbechtskonditiounen. Dat gëtt am aktuelle Kontext wou villes d'Baach erofgeet, all ze oft vergiess. Déi sozial Rechter sinn och iwwer d'Aarbecht un ee Sozialversécherungssystem gebonnen an dee jiddereen op Solidaritéitsbasis abezilt, fir sech an déi aner ofzesécheren insgesamt och déi, déi keng Aarbecht hunn, fannen oder krankheetsbedéngter net méi kënnen schaffen. Dee System ass awer net méi gerecht wann de Salarié méi bezilt wéi d'Patronat, a wann dat wat een duerch säi Bäitrag zeréckkritt, dat soziaalt Recht, oder déi finanziell Hëllef net méi derwäert ass. Do ginn d'Leit da bemol onsolidaresch a jidderee well nach just säint, fir säi Liewen sou ze féiere wéi en dat da gär hätt. D'onbefrist Grondakommes kënn dem Zäitgefill entgéint an dat ass net gutt fir den Zesammenhalt vun eiser Gesellschaft. Amplaz vun sou engem Grondakommes, missten nei Rechter erkämpft ginn, wéi zum Beispill: Recht op bezuelte Weiterbildung, Ëmschoulungen, Recht op méi Fräizäit a méi Autonomie am Aarbechtsoflaf, Recht op een Auszäitjoer mat Ofsécherung, Recht op eng Bourse während de Studien déi méi finanziell Autonomie matsechbréngt, Recht op eng gréisser sozial Ofsécherung als Fräiberuffler, Aarbechtszäitverkierzung, alles dat si Méiglechkeeten déi sech och an engem Salariaatsverhältnis kéinten ubidden. Mee fir dat ze kréie muss ee kämpfen an d'Kräfteverhältnissen änneren déi d'Aarbecht momentan entwäerten. Fir Ofzeschléissen, muss een awer och d'Fro stellen, wéi héich sou ee Grondakommes da soll sinn?! Mat 400 Euro ouni aner bezuelte Beschäftegung kënn een net wäit, mat engem Mindestloun och net, an ee Grondakommes op héicht vum Mindestloun ass bal net ze finanzéieren. Egalwéi kéinte just e puer e Rentier'en vun engem bedéngungslose Grondakommes liewen. Fir déi aner gëllt et dann awer niewebäi eng Aarbecht um Marché ze hunn an de Fait dat se schonn eng Form vu Revenu vum Staat kréien, mécht se vulnerabel um Aarbechtsmarché, wou se fir prekär Beschäftegungen ausgenutzt kënnen ginn. Sou dat d'Grondakommes änlech wéi de Revis schlecht bezuelten Aarbechtsplaze subventionéiert sou am Sënn vun där hutt jo schonn en Deel Revenu méi braucht der jo net. Do freet sech d'Patronat op eng bëlleg Aarbechtskraaft.

10. Wéi wëll Är Partei eng Kannerbetreierung fir all Kand, onofhängeg vun der Situatioun vun den Elteren, garantéieren (besonnesch fir strukturschwach Géigenden an Elteren, déi op den ëffentlechen Transport ugewise sinn)?

Andeems iwwer gerecht Steiermesuren (zum Bsp. Rächesteier, individuell Besteuerung an der bestuedener Koppel wat souvill heescht dat Leit no enger Scheedung net méi Steiere bezuele wéi virdu wann sech näischt un hirem Revenu ännert), Eropsetze vum Spëtzesteiersaz vun de Betriber, déi néideg Suen opkomme fir :

- eng gratis Kannerbetreierung fir jiddereen
- d'Schafe vu nach méi ëffentleche Kannerbetreierungsstrukturen op Plaze wou se feelen
- de Bau vu méi Schoulen déi als Ganzdagsschoule funktionéieren
- een ëffentleche Reseau un Dageselteren opzebauen, wat bedeit dat hei de Staat den Dagesmammen (Pappe ginn et der kaum) dee néidegen Encadrement, souwuel wat d'Formatioun a Weiderbildung ugeet, ewéi d'Ariichte vun den Infrastrukturen.
- de Bau vun intergenerationelle Wunnkomplexer gefuerdert gëtt, wou Leit aus der Wunnegemeinschaft sech kënnen ëm déi eeler Persoune këmmere, souwéi Pensionéierter sech kënnen ëm d'Kanner këmmere a wou och Betreierungsstrukture fir Al a Jonk am Haus sinn. An Andeems d'Betriber, déi ëffentlech Administratiounen, an all Institutiounen déi dem Staat ënnerleien, grad ewéi d'Spideeler, d'Altersheemer, d'Uni:
- obligatoresch Kannerbetreierungsstrukturen am Haus ubidden (natierlech ab enger gewässer Unzuel u Personal)

Famill

11. Ëm wéi vill Wochen oder Méint wëll Är Partei de Congé de naissance (aktuell Bezechnung "Pappecongé") verlängere?

Déi Lénk schléissen sech hei och de Fuerderunge vun der Plattform JIF un a verlaangen ee Congé de naissance vun 3 Méint bei vollem Lounausgläich.

12. Wéi wëllt Dir d'Aarmut vun den Elengerzéienden ofschafen?

Andeems:

- de Mindestloun erhéicht gëtt
- sämtlech Familljeprestatiounen dorënner och d'Kannergeld un d'Liewensdeirecht ugepasst an domat opgewäert ginn
- méi ëffentlech an abordabel Wunnenge geschaf gi vun deene prioritär eng Quot fir Elengerzéiender reservéiert gëtt
- de Steiersystem sou geännert gëtt, dass Elengerzéiender net méi déi sinn déi do am Schlechtsten ewechkommen
- d'Kannerbetreierung gratis gëtt

13. Wëll Är Partei e Recht op e Congé de maternité fir Deputéiert a Regierungsmemberen aféieren?

Deputéiert a Minister si jo keng Beruffer, mee Mandater. De Congé de maternité misst also eigentlech am Kader vum fréiere Beruff vun der Mandatairin stattfannen an och an dem Kontext indemniséiert ginn. Dat heescht awer net dat eng Mandatairin kee Recht hätt sech aus

dem Mandat zeréckzezéien iwwer déi obligatoresch Period vum Congé de maternité. Et ass dann un der Partei een temporären Ersatz ze fannen.

Gesondheet

14. Wëll Är Partei „Endometriosis“ als Krankheet unerkennen? Falls nee: Firwat?

Jo dat ass eis wichteg. Am Interêt vun der Fuerschung, mee och der Entwécklung vu Mëtzel, Therapië fir d'Bekämpfung vun der Krankheet. An natierlech och fir d'Méiglechkeet op ee Remboursement vun den Therapien etc méiglech ze maachen. D'Unerkennung vun der Endometriosis als Krankheet sollt och bewierken, dat Fraen déi dovu betraff sinn an hirem Berufsliewe kënnen besser ofgeséichert ginn, falls si wéinst hirer Krankheet ëfters mussen ausfalen.

(Eng Klamer hei zu de Gesondheetsproblemer vu Fraen an der Menopause : och hei soll all Frau déi et braucht kennen gudde Gewëssens e Krankeschäin huelen an net belächelt an bewitzelt ginn.)

15. A wéi fern ënnerstëtzt Dir d'Schafung vun engem onofhängege Bureau de Plainte bei gynekologescher Gewalt?

Dës Fuerderung gehéiert zu eisem Programm fir d'Bekämpfung vun dëser Form vu sexistescher a sexueller Gewalt.

16. Wëll Är Partei d'Gratisverdeeel vu Menstruationsproduiten an alle staatlech geréierten Toiletten aféieren?

Absolutt. Mir wëlle souguer eng allgemeng Gratuitéit vun de Menstruationsmëtzel a Verhütungsmëtzel.

17. Am Moment ginn d'Pëll, de Vaginalrank, d'Verhütungsplooschter, d'Kupfer- an d'Hormonspiral bis zum 30. Liewensjoer zu 80% rembourséiert. Wëll Är Partei den Alter fir vun dësem Remboursement ze profitéieren erop setzen?

Wéi gesot, mir wëllen eng allgemeng Gratuitéit vun de Verhütungsmëtzel.

Politik a Gesellschaft

18. Wéi wëllt Dir d'Erhiewung an d'Notzung vun genderspezifischen Donnéeën sécher stellen (bei parlamentareschen Ufroen, beim Statec, bei Etüden, ...)

déi Lénk stelle reegelméisseg parlamentaresch Froen fir un des Donnéeën ze kommen. D'Enttäuschung ass awer grouss, well oft kënnt d'Äntwert, dass et déi Donnéeën esou nach net ginn an och net an Aussicht gestallt gëtt dat se an nächster Zäit am Kader vun enger Etüd kéinten opgeschafft ginn. Mir si keng Regierungspartei an dofir och net an der Positioun des Etüdä selwer kënnen unfroen. Mir kéinten déi eng oder aner Etüden an Opdrag ginn, mee jidderee ka verstoen, dass dat finanziell ewéi organisatoresch schwéier fir eis méiglech ass. All Minister.esch huet säin.hiren Apparat u Leit an Administratiounen déi him.hir zou schaffen a kann a misst seng.hir avantagéis Positioun nëtze fir méi Etüden an Opdrag ze ginn.

19. Wéi wëll är Partei Genderbudgeting ëmsetzen?

D'Opsetze vum Staatsbudget läit leider net an den Hänn vun eiser Partei, a wann da géinge mir d'Ausgaben a Form vun Investissementer no feministesche Krittären ausriichten, do géinge

den Accent da mol net bei de Militärausgabe leien, mee éischer beim Klimaschutz, fir lo just ee Beispill ze nenne vum Impakt vu verschiddenen Investissement op d'Bekämpfung vun de Genderinegalitéiten.

20. Wéi setzt sech Är Partei besonnesch fir rassiséiert Fraen, queer Fraen a Frae mat Behënnerung an?

Mir wëlle rassisteschen Iddie keng Chance ginn duerchzekommen. Mir sinn an allem wat mer fuerdere feministesch. Eise Feminismus ass eng Afrostellung vun de kapitalisteschen a patriarchalesche Kräfteverhältnisser, an dem Sënn ennerstëtze mir och all Afrostellung vum kapitalisteschen a patriarchale System vun der queerer Gemeinschaft. Bei der Wunnengssich, op der Aarbechtssich, bei administrativen Ufroen, si rassiséiert, queer a behënnert Persounen oft groussen Diskriminatiounen ausgesat, bei Frae kënn domat eng zousätzlech sexistesch Diskriminatioun mat dobäi. An deene Beräicher gëllt et des Persounen ze schützen virun Abus'en, an hinne Rechter an Ulafstellen ze verschafe fir all Diskriminatioun kënnen ze mellen an unzefechten. Fir Leit mat Behënnerung mussen och onbedéngt d'Mobilitéitsmëttel am öffentlechen Transport besser ugepasst ginn. Den Adapto-Service gëtt d'ailleurs momentan éischer ofgebaut ewéi verstärkt.

21. Wéi wëll Är Partei genuch bezuelbare Wunnraum fir besonnesch vulnerabel Bevëlkerungsgruppe schafen (elengerzéiend Elteren, Familljen mat méi wéi 3 Kanner, Affer vun haislecher Gewalt, ...)?

Als éischt muss emol massiv bezuelbare Wunnraum geschaf a gebaut ginn deen et erméiglecht fir déi allermeescht eng Plaz fir ze wunnen ze fannen. An dem Kontext sollt eng gesetzlech Quot festgeluecht gi fir de Vulnerabelsten an eiser Gesellschaft prioritär eng Wunneng ze vermëttelen.

Dat sollt och fir PAP'en gëllen, wou d'Gemengen dozou verflucht misste ginn ee Prozentsaz (30%) Wunnengen ze kafen an zu engem abordabele Präis ze verlounen. Énnert den 30% sollt d'Gemeng och eng festgeluechte Quantitéit Wunnenge fir elengerzéiend Elteren, Famillje mat méi wéi 3 Kanner an Affer vun haislecher Gewalt a Leit mat Behënnerung virgesinn.

22. Wéi wëll Är Partei Jongen- a Männeraarbecht fërderen (zousätzlech zum Service InfoMann)?

Careberuffer sinn d'Beruffer vun der Zukunft. Hir Opwäertung wäert eventuell op méi Interessé vun de Männer stoussen. Dofir ass eng Sensibiliséierungscampagne grad ewéi reell Mesurë ronderëm d'Valorisatioun vun deene Beruffer wichteg déi nach ëmmer gréisstendeels vu Frae gelescht ginn. Et ass jo och esou dat eng Gesellschaftswandlung muss geschéie fir dat de Prinzip vun der Solidaritéit an dem „sech këmmen“ ee gréissere Stelleväert kréien ewéi d'Kompetitioun an där sech klassesch Männerberuffer éischer erëmfannen. An der Schoul fänkt d'Sensibiliséierung natierlech schonn un an och do muss opgepasst ginn dat och d'Schoulbicher net voller Beruffsklichée stinn.

23. Frae leeschten een Drëttel méi onbezuelte Care-Aarbecht wéi Männer an hunn doduerch däitlech manner zäitlech an ekonomesch Ressourcen, wat a ville gesellschaftleche Beräicher d'Ongläichstellung vun de Geschlechter fërdert. Wéi wëll Är Partei dëser ongläicher Verdeelung vun der onbezuelter Care-Aarbecht entgéint wierken?

Eigentlich steet d'Äntwert op dës Fro schonn a vereenzelte Fuerderungen déi mer schonn opgezielt hunn:

- Aarbechtszäitverkierzung
- Besser Léin
- Opwärtung vun traditionell weibleche Beruffer (Careearbecht)
- ekonomesch Onofhängegkeet vun de Fraen
- Gendersensibiliséierung an der Educatioun
- Elterecongée déi d'Egalitéit an der Koppel an an der Kannerezéiungsaarbecht fuerderen

24. Wéi eng konkret Mesuren plangt Är Partei fir Paritéit an de politesche Mandater ze fërderen?

An eise Statutte sinn d'Lëschteparitéit, ee Rotatiounsprinzip, Paritéit op de Spätzekandidaturen an am Koordinatiounsbüro festgehalten. Eisen nationale Virstand ass um Wee paritär opgestallt ze ginn, dat verlaangt eng Motioun, déi um leschte Kongress ugeholl gouf.

25. Wéi wëll Dir sexistesch Belästegung am öffentleche Raum verréngeren?

Mat:

- enger Stadplanung déi de spezifesche Besoin'e vu Frae gerecht gëtt mat:
 - > besserer Beliichtung vum öffentleche Raum.
 - > Adaptatioune vum öffentlechen Transport – méi individuell Sëtzplazen a Begleedpersonal am Zuch, Tram, Bus.
 - > oppenen, iwwersichtleche Raim.
 - > feministeschem Streetwork – also paritär Fraen a Männer Equippen déi änlech wéi Streetworker kënnen agräife wann ee Problem ass an och sensibiliséieren.
 - > méi öffentlechen Toilettë mat Personal.

26. Wéi wëll Är Partei eng geschlechtersensibel Verkéierspolitik fërderen?

déi Lénk sinn der Meenung, dat allgemeng manner Auto och manner Gefor fir jidderee bedeit.

Manner Auto bedeit:

- Weider Tempolimiten 30 an de Stied, 80 op Landstroossen, 110 op der Autobunn
- Autofräien Zentrum vu Stied
- Stroossen an déi nëmmen d'Leit déi do wunnen erafueren dierfen
- Tax op SUV
- Keng wieder grouss Strossebauprojeten
- Verstärkt op den öffentlechen Transport setzen an do investéieren
- Besser Vëlosweeër a Verbindungen
- Fërdere vun der „mobilité douce“ méi breet Trotoiren fir Kannerkutschen, Elteren déi zu béiden Säiten Kanner mat der Hand huelen, méi breet Trotoiren wieren och besser fir eeler Léit mat „Rulli“ an fir Léit mat Rollstull
- Parkplazen: bei den Sortien/Entrées vun Parkhäiser méi Parkplazen fir Fraen reservéieren
- spezifesch Parkplazen (Family) déi breet genuch sinn fir de Maxicosi etc kënnen erauszehuelen ouni mussen sech ze quetschen oder ze fäerten deen aaneren Auto ze téitschen)

Aussepolitik

27. Wéi wëll Är Partei eng feministesch Aussepolitik ëmsetzen?

Andeems mir notamment eng Charta mat feministesche Grondsätz opstellen an des Charta als Guideline vun an allen diplomatesche Verhandlung gëlle loossen, sou dat an allen Accord'en gekuckt gëtt wat den Impakt op d'Fraarechter an d'Genderverhältnisser wier.

28. Wéi wëll Är Partei d'Mënscherechter vu Fraen a geschlechtliche Minoritéiten ouni Pabeieren op europäeschem Niveau an hei am Land sécheren?

Centres de rétention mussen ofgeschaaft ginn. Leit ouni Pabeieren si keng Prisonéier.

Virun allem misst gekuckt ginn dës Leit ze regulariséieren an dat net just iwwer den administrative Wee, mee iwwer de Wee vun enger Integratiounspolitik, déi de Leit och d'Mëttel an d'Informatioun gëtt déi se brauche fir kënnen hiert d'Liewen nei opzebauen an och autonom ze ginn. An deem Sënn misst Integratioun och verstärkt mat Formatioun zesammenhänken a mat engem Zougang zu Rechter déi misste gesetzlech ofgeséichert ginn, wéi zum Beispill:

- Recht op Bildung
- Recht op Aarbecht
- Recht op Wunnen
- Recht op Gesondheet
- Recht op Ofdreiwung
- Recht op Selbstbestëmmung

Kultur

29. Wëllt Dir paritéitesch virgoe bei der Fërderung vu Kënschtler*innen (finanziell a wat d'Repräsentanz vun hire Wierker an de Kulturprogrammer betrëfft)?

Jo. Och hei wier ee Quotesystem sënnvoll.

30. Wëll Är Partei gezielt d'Schafe vu weiblechen, queeren a benodeelegate Kënschtlerinne fërderen?

Jo!